# Dem Elchi säin Newsletter

Léif Elchekanner,

dat neit Semester steet virun der Dier an den Elchi hofft, datt jidderee gutt erholl aus der Vakanz kënnt, well hien huet e vollen a flotte Programm fir iech op d'Bee gestallt.

Ersti-Stammdësch

Méindes de 17. Oktober begréissen den Elchi an de Comité eis nei Freiburger*innen ab 20h am Cheers. **OPGEPASST**: Den Event ass **NËMME fir eis Erstie** geduecht. Gäre kënnt dir awer äre Bekannte Bescheed soen, déi elo zu Freiburg ugefaangen hunn ze studéieren. Den Elchi seet iech villmools Merci dofir!

Booom d'Ouverture

*Booom* Mat engem décke Knall start den Elchi dëst Joer an dat neit Semester. 👊😎

Kommt dofir all mëttwochs den **19. Oktober ab 20h** an den **Cheers**! Den Elchi freet sech souwuel déi al bekannte Gesiichter, wéi och neier ze begréissen! 🤩🥳

Hei kënnt dir och är Memberskaart fir d'Joer 2022/2023 kafen. Doduerch kënnt dir dat ganzt Joer iwwer u villen Eventer deelhuelen a vu verschiddene Virdeeler profitéieren.!




35 Joer SLUF

Dëst Joer kritt den Elchi seng zaart 35 Joer an dat géif hie gäre mat iech alleguer feieren! Dofir luede mir iech an är Partner*innen häerzlech an, de Weekend **vum 4. bis 6. November** erof op Freiburg ze kommen. Mir hunn keng Käschten a Méi gescheit fir e Programm zesummenzestellen. Dobäi steet vill Iessen awer och Kulturelles um Programm. Mir géifen eis freeë wann dir alleguer zuelräich kënnt deelhuele fir mam Elchi awer och mat Leit, déi dir vläicht laang net méi gesinn hutt, e Patt op de SLUF ze drénken! Mir soen och op dëser Platz jiddwerengem Merci fir seng Zäit am SLUF, jidderee vun iech huet dozou bäigedroen, dat den Elchi elo schonn seng 35 Joer kritt. De ganze Comité freet sech al wei och manner al Gesiichter erëmzegesinn.

Mellt iech nach **bis den 18. Oktober** iwwert dëse Formulaire un: https://forms.gle/8uzkCZG1FfteKP6i8

# 35 JOER SLUF

## Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg









| | |
|---|---|
| **WAT:** | E Konveniat fir all (Ex-) SLUF Member |
| **WÉINI:** | 4. bis 6. November 2022 |
| **WOU:** | Zu Freiburg |

# OFLAFPLANG VUM WEEKEND:



## FREIDEN — 4. NOVEMBER

**18 H** — Receptioun an Iessen am *Martinsbräu* mat uschléissendem Tierchen duerch d'Freiburger Caféen a Baren.

## SAMSCHDEN — 5. NOVEMBER

**MOIES** — Fräizäit, fir de Kapp nees an d'Rei ze kréien an de *Freiburger Münstermarkt* ze entdecken.

**13 H** — Visitt vun de Summerkarzer am Uniseum

**17 H** — Visitt an der Ganter Brauerei mat uschléissendem Beer-Tasting an Owesiessen. Duerno steet een klengen Tierchen duerch d'Freiburger Caféen a Baren um Programm.

## SONNDEN — 6. NOVEMBER

**MOIES** — Wanderung op de Kybfelsen mat Iessen am Waldrestaurant *St. Valentin*. Alternativ kann een och mat der Tram *2* Richtung Günterstal (Arrêt *Freiburg, Dorfstraße)* fueren an dee leschte Kilometer zu Fouss goen.

## UMELDUNG PER FORMS BIS DEN 10.10.2022

Käschte fir dee ganze Weekend sinn 115 €.

Fir dësen Anniversaire ze feieren hu mir T-Shirte kreéiert, déi dir bei der Umeldung kënnt bestellen.


www.sluf.lu    comité.sluf@gmail.com    @slufelch

SLUF - Studente vu Letzebuerg op der Uni-Freiburg


Kontoinhaber: SLUF - Studente vu Letzebuerg op der Uni-Freiburg
Kontosnummer : IBAN LU28 0019 5855 2238 500 | Référence : 35 Joer SLUF + Numm

Ersti-Stee

Den 9. November fënnt eis traditionell Ersti-Stee am Cheers statt.

Den Elchi hofft, datt eis Erstie vun dësem Joer bis dohin all gutt zu Freiburg gelant sinn a sech schonn e bëssen aliewe konnten! Bis datt dir iech awer als en echt Elchekand bezeechne kënnt, dauert et nach e bëssen. Den éischte Schratt maacht dir mat der Stee, op der dir ären zukünftege Pätter oder är zukünfteg Giedel kenne léiert.

Weider Infoen zur genauer Auerzäit an zur Umeldung kommen nach no.

D'Ersti-Stee ass nëmme fir Membere vum SLUF, dofir kaaft an den nächste Wochen all ganz fläisseg är Memberskaart vun der neier Saison.




Intercercle-Radar

| Datum | Intercercle | Umeldung |
|---|---|---|
| 15.10.2022 | LST L-Ü-XI Rallye Intercercle | Bis 13.10 op Facebook beim Laurence Arend |
| 10.-12.11.2022 | IC Kölle Alaaf | https://docs.google.com/forms/d/e/1FAIpQLSeZCiQ9dG1BqLdeq9QQjPa_OiSOP2bZtBYFa5Y5B05PTllTCA/viewform?usp=sf_link |
| 17.11.2022 | ALUS Tarte Flambée Intercercle | https://forms.gle/bPYJVw47T8RyFJ8RA |

Fir weider Infoen zu den Intercercle frot einfach beim Comité no.

Hei de Kalenner mat allen Eventer:

| | |
|---|---|
| 17. Oktober | Ersti-Stammdësch |
| 19. Oktober | Booom d’Ouverture |
| 4.-6. November | 35 Joer SLUF |
| 9. November | Ersti-Stee |
| 23. November | Kaffisrallye |
| 30. November | Pubquiz |
| 2.-4. Dezember | Wanterhütt |

| | |
|---|---|
| 14. Dezember | Chrëschtmaart |
| 22. Dezember | Freiburger Bal |
| 27. an 28. Dezember | Tournoi de Noël |
| 11. Januar | Bowling |
| 25. Januar | Straba-Party |
| 1. Februar | Assemblée générale |
| TBA | Karaoke |

De **Stammdësch** fënnt **all Mëttwoch am Cheers** statt.

Bis am neie Semester,
Ären Elchi